
# OP SCHATZSICH MAM OUSCHTERHUES AM WËLLE WESTEN

## OUSCHTERQUIZ VUN DE SERVICER TOURISME & VIVRE ENSEMBLE



An der Ouschtervakanz organiséiere mir eng ganz besonnesch Entdeckungstour fir **d'Kanner mat hire Familljen**: eng Ouschter-Schatzsich op eege Fauscht duerch verschidde Gemengen an touristesch Plazen aus dem Wëlle Westen.

Mat enger **Schatzkaart** ausgerëscht, maachen d'Kanner sech op de Wee. D'Plaze si just duerch Symboler markéiert. Rätselhaft Beschreiwungen hëllefen hinnen erauszefannen, wou genee si siche mussen, fir dem Ouschterhues seng Rätsel an Aufgaben ze léisen. Dobäi entdecken d'Kanner op spilleresch Aart a Weis de Wëlle Westen.

D'Schatzsich ass kannerfrëndlech opgebaut a kann zu all Moment an der Ouschtervakanz (28.03. – 12.04.) gemaach ginn. Wann all d'Aufgabe geléist sinn, léisst sech d'Schatztru opmaachen an op d'Kanner waart eng lecker Iwwerraschung.

Eng **Umeldung** ass **obligatoresch bis de 26.03** iwwert tourisme@kanton-reiden.lu.

De 27.03 kréien d'Participanten all néideg Dokumenter fir un der Schatzsich deelzehuelen.

KANTON REIDEN VIVRE ENSEMBLE

KANTON REIDEN TOURISME

Version française